



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Le Ministre des Communications
et des Médias

Personne en charge du dossier:
Josiane MEYENBURG
☎ 247 - 86710

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:

19 JUIN 2019

Luxembourg, le

Monsieur le Ministre aux Relations avec
le Parlement
p.a. Service Central de Législation
L-2450 Luxembourg

Objet: Question parlementaire n° 634 du 15 avril 2019 de Monsieur Fernand KARTHEISER au sujet de
« Réseau 5G au Luxembourg ».

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Monsieur Xavier BETTEL, Ministre des Communications et des Médias, de Madame Carole DIESCHBOURG, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable et de Monsieur Etienne SCHNEIDER, Ministre de la Santé et Ministre de l'Économie, à la question parlementaire n° 634 du 15 avril 2019 de Monsieur Fernand KARTHEISER au sujet de « Réseau 5G au Luxembourg ».

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Ministre des Communications
et des Médias

Xavier Bettel

Äntwert vum Här Xavier BETTEL, Kommunikatiouns- a Medieminister, vun der Madame Carole DIESCHBOURG, Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung a vum Här Étienne SCHNEIDER, Gesondheetsminister a Wirtschaftsminister op d'parlamentaresch Fro Nummer 634 vum Här Deputéierten Fernand Kartheiser

1. Wéi eng Pläng huet d'Regierung am Kontext vum Réseau 5G zu Lëtzebuerg?

D'Regierung huet an de leschte Joeren a Méint intensiv un deene verschiddene Beräicher geschafft, déi mat der 5G Technologie ze dinn hunn. Esou ass notamment den 12. September 2018 eng national Strategie am 5G Réseau vum Premier, Kommunikatiouns- a Medieminister presentéiert ginn.

Dës Strategie huet ënnert anerem d'Zil deen néidege Kader ze schafe fir den Asaz vun dëser zukunftsorientierter Technologie an dat innovatiivt Potential unzëerkennen. Lëtzebuerg soll zu den éischte Länner an der Europäescher Unioun gehéieren, déi d'5G Technologie aféieren. Deemno huet den *Institut Luxembourgeois de Régulation (ILR)* och d'Prozedur lancéiert fir d'Frequenzen un d'Operateuren ze verginn. Dat betrifft an enger éischer Phase d'Band 1 an 2. En drëtt Frequenzband gëtt méi spéit lancéiert.

Wéi séier déi nei Technologie operationell ka sinn, hänkt zu engem groussen Deel vun den Operateuren of. Déi national Strategie gesäit awer Pilotprojete vir, déi an de nächste Méint méiglech a staatlech ënnerstëtzt solle ginn.

2. Wéi stellt d'Regierung sech zu de Sécherheitsrisike vun där Technologie, besonnesch wat d'Gesondheet vum Mënsch ugeet? Op wéi eng Etüden an Erkenntnesser baséiert si hir Politik?

D'Regierung huet d'Approche vun engem "Principe de Précaution" (Vorsorgeprinzip) an déi national Strategie baséiert sech op dëse Prinzip, genee esou ewéi op e Maximum vun Transparenz. D'Begrenze vun den elektromagnéitesche Stralen ass explizit Bestanddeel vum nationale 5G Plang. Et goufen an et ginn enk Concertatiounen op interministeriellem Niveau, mat der *Inspection du travail et des mines (ITM)* a mat den Operateuren fir iwwert déi technesch Spezifizitéite vun Antenne vun der neier Generatioun ze consultéieren.

All Antenn, déi mat enger Leeschtung vun iwwer 50 Watt sent, fält iwwerdeems ënnert d'Kommodo-Legislatioun a brauch deemno eng Autorisatioun vum Ëmwelt- a vum Aarbechtsminister. Esou eng Autorisatioun ass dru gebonnen, dass déi virgeschriwwen Grenzwäerter agehale ginn.

Et sief ënnerstrach, dass d'Ëmweltverwaltung de "principe de précaution" (Vorsorgeprinzip) zanter iwwer 20 Joer streng applizéiert, och wat d'Auswierke vun elektromagnéitesche Stralen am Allgemenge betrëfft. Et gëtt sech op en ëmwelttechnesche Risikomanagement baséiert an d'Mesurë mussen verhältnisméisseg sinn an deemno en adaptéierten Niveau u Schutz garantéieren. Dofir gëtt an de Kommodo-Autorisatiounen fir all Element, vun deem elektromagnéitesch Stralen ausginn, e Maximum vun 3 V/m festgeluecht. Dee Wäert gëllt do, wou Leit sech normalerweis kënnen ophalen.

Déi europäesch « *Recommandation du Conseil du 12 juillet 1999 relative à la limitation de l'exposition du public aux champs électromagnétiques de 0 Hz à 300 GHz* » (1999/519/EU) gëtt maximal Wäerter un, fir de Schutz vun der Populatioun vis-à-vis vun elektresche Felder ze garantéieren. Déi Referenzwäerter ginn a Funktioun vun der Frequenz gerechent. Déi nei Frequenzen déi elo fir de 5G gebraucht ginn, leien och am Frequenzband, dat vun der Rekommandatioun ofgedeckt gëtt. Bei der Frequenz vu 700 MHz ass e Referenzwäert vu 36 V/m applicabel a bei der Frequenz vun 3,6 GHz gëllt e Referenzwäert vun 61 V/m an dee selwechte Wäert gëllt och fir de Frequenzberäich bei 26 GHz deen an enger zweeter Etapp och soll fir 5G zur Verfügung gestallt ginn.

Doduerch, dass hei zu Lëtzebuerg en zousätzleche Grenzwäert fir d'elektromagnéitesch Strale vun Antennen applizéiert gëtt, ass déi allgemeng generell Expositioun vun de Leit ganz niddereg. D'Resultater weisen eis, dass an 80% vun de Mëssunge manner wéi 1 V/m fir dat globalt elektrescht Feld festgestallt ginn ass. Dëst ass nozeliesen op dem "Cadastre hertzien" (https://environnement.public.lu/fr/emweltprozeduren/Autorisations/Etablissements_classes/Cadastre-hertzien.html).

3. Hält d'Regierung et fir opportun dee Projet zu Lëtzebuerg virun ze féieren, och wann am Ausland de 5G plazeweis wéinst potentielle Gefore fir d'Gesondheet vum Mënsch op d'mannst provisoeresch gestoppt gëtt?

Déi éischt zwee Frequenzbänner, fir déi 2019 d'Lizenzen attribuéiert ginn (d'Frequenzbänner vu 700 MHz a vun 3,6 GHz) sinn nët fundamental verschidde vun deenen, déi ëlo schonns fir mobil Kommunikatioun genotzt ginn. An enger éischer Etapp ass et virgesinn fir d'Approche vis-à-vis vun den neien Typen vun Antennen, déi bei der 5G an den Asaz kommen, ze präziséieren.

D'europäesch Kommissioun huet och e Frequenzband fir 5G an der EU identifizéiert, dat an engem méi héije Frequenzberäich läit (26 GHz). D'Fuerderungen no engem 5G Moratorium bezéien sech an der Haaptsaach op dës Millimeterwellen. Dëst Band wäert awer zu Lëtzebuerg net virun 2021 zum Asaz kommen. Well dës Frequenze relativ séier vun Objeten absorbéiert respektiv reflektéiert ginn a keng grouss Reechwäit hunn, kann een och dovun ausgoen, dass se

just lokal begrenzt, an Zone wou besonnesch vill Notzer sinn, genotzt ginn. D'Antennen, déi déi Frequenzen notzen, ginn och mat méi enger schwacher Leeschtung bedriwwen.

Wëll d'Regierung d'Resultater vu weideren Etüden ofwaarden, ier si Decisiounen hëlt?

D'Regierung applizéiert, wéi beschriwwen, de "Principe de Précaution" a verfollegt eng Politik vun héijer Sécherheet op Basis vun aktuell disponibelen Étuden an Erkenntnisser. Dozou gehéieren och Kenntnisser opgrond vum Bedreiwen vun den 2G, 3G a 4G Netzer an och méi rezent aus dem Ausland wou 5G Reseau scho méi laang getest ginn, respektiv elo schon am Regelbetrib lafen. Aktuell leien der Regierung keng Indikatiounen vir, déi géife géint een Déploiement vun der 5G zu Lëtzebuerg schwätzen. Am Kader vun de Pilotprojeten ass vun der Regierung geplangt, fir och zu Lëtzebuerg Moossunge maachen ze loossen, déi da wäerten zu weideren Erkenntnisser féieren.

- 5. Verschiddene Presseartikelen no solle bei Tester vum 5 G an der Stad Den Haag an Holland honnerte vu Vullen dout vum Himmel gefall sinn. Kann d'Regierung esou Behauptungen aus der Press confirméieren? Wann déi Informatioun sollt richtig sinn, wéi eng Conclusiounen zitt d'Regierung aus dem Tëschefall op déi geplangten Aféierung-vum 5G zu Lëtzebuerg?**

Bei deene betreffenden Artikelen, déi op däitsch an op hollännesch ab November 2018 zirkuléiert sinn, hun d'Recherche séier gewisen, dass et sech ëm eng Falschinformation gehandelt huet. Et sinn zu Den Haag effektiv eng ganz Rei doudeg Spréiwen an engem Park fonnt ginn. Den hollännesche Ministère konnt de Lëtzebuenger Autoritéiten awer bestätegen, dass zu där Zäit zu Den Haag kee 5G Test duerchgefouert gouf. Resultater vun den Autopsien hunn erginn dass d'Vullen un enger Vergëftung gestuerwe sinn, ervirgeruff duerch d'Consumatioun vun Nolen vun engem Dännebam, déi fir d'Vullen héich gëfteg sinn.